



Appel nominal (votes par procuration)

Ass nach ee vergiess ginn?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

D'Resultat ass 56 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen. De Projet de loi 7512 ass dann domadder mat enger grousser Majoritéit ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par Mme Lydie Polfer), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Guy Arendt) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par M. Dan Biancalana) et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Semiray Ahmedova), M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun.

Kënne mer do à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dat heescht, d'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

9. 7467 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ;

2° la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice ;

4° la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;

5° la loi modifiée du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert-comptable ;

6° la loi modifiée du 23 juillet 2016 relative à la profession de l'audit, en vue de la transposition de certaines dispositions de la directive (UE)-2018/843 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive (UE) 2015/849 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme ainsi que les directives 2009/138/CE et 2013/36/UE

Deen nächste Punkt ass de Projet de loi 7467, deen eng Rei Dispositiounen vum der Direktiv géint d'Benotze vum Finanzsystem, fir Geld ze wäschen oder den Terrorismus ze finanzéieren, aféiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloucht a Rapporteur ass nach eng Kéier den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, sou wéi ech et am viregte Projet bemierkt hunn, geet et an dësem Projet de loi ëm d'Ëmsetzung vum engem wichtege Deel vum der AMLD 5, also vum der europäescher Direktiv 2018/843, déi de Kampf, wéi mer et wëssen, géint de Blanchiment an d'Lutte géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit viséiert.

Wann een terroristesch Attentäter, Mënschen, Drogen- a Waffenhandel effikass bekämpfe wëllt, da muss ee géint all Geldstréim virgoen, déi mat dësen illegalen Aktivitéite verknäppt sinn. Kriminalitéit ass nëmmen da lukrativ, wann d'Suen duerno erëm an de regulären Ëmlaf kommen, dat heescht, wa se also kënne „gewäsch“ ginn.

Duerfir musse mer genee do den Hiewel usetzen. Eis Lutte géint dee Fleau ass nëmmen effikass, wann iwwert d'Grenzen ewech zesumme geschafft gëtt. De Blanchiment ass haut ganz komplex. Hei gëtt iwwert d'Grenzen ewech probéiert, fir déi national Legislatiounen auszehiewelen.

Duerfir ass et wichteg, dass mir an der EU zesummeschaffen, an zwar mat gemeinsame Reegelen. Mir transposéieren haut schonn déi fënnëft Direktiv iwwert d'Lutte géint de Blanchiment. Engersäits mussen ëmmer erëm nei Adaptatiounen gemaach ginn, fir de legale Kader un déi nei Konstruktiounen an Techniken unzepassen a fir verschidde Reegelen ze verschäerfen. Anerersäits gesi mer, dass d'Europäesch Kommissioun an och Lëtzebuerg dee Sujet ganz eescht huelen.

Lëtzebuerg huet als grouss a wichteg international Finanzplaz all Interêt, déi Direktiven ëmsetzen, well mer als wichteg Finanzplaz eng besonnesch Responsabilitéit hunn. Duerfir dierfe mer keen Zweifel an eiser Determinatioun opkomme loossen. Mir hunn et, ech géif soen, trotz LuxLeaks mat engem Paradigmewissel fäerdegbruecht, vun alle groen a schwärze Lëschten erfrozekommen. Eis Politik fir Transparenz op der Finanzplaz huet eise weltwäiten Image zerguttst verbessert.

Wa mer vun Lëschten am Kontext vum Blanchiment schwätzen, da si mer gläich beim GAFI, dem Groupe d'action financière, der internationaler Organisatioun vum Antiblanchiment. Seng Recommendatiounen si gréisstendeels an dës Direktiv integréiert ginn. Fir eis Determinatioun och en vue vum nächste GAFI-Audit an e puer Méint ze ënnersträichen, sinn an dësem Gesetz nach weider Recommendatiounen vum GAFI ëmgesat ginn.

Dir gesitt, mir weisen, dass mir d'Lutte géint de Blanchiment an d'Terrorfinanzéierung ganz eescht huelen an dass mir déi héchsten international Standarden an dësem Domän ëmsetzen.

Fir elo bei de Gesetzesprojet selwer ze kommen: De Projet de loi viséiert haaptsächlech eist nationaalt Gesetz iwwert d'Lutte géint de Blanchiment a géint d'Terrorfinanzéierung vum 2004 an awer och d'Gesetzer vu verschiddene Berufsgruppen. D'Erweiterung vum Champ d'application vum Gesetz vum 2004 ass dobäi e wichtegt Element. An Zukunft sinn och nei Berufsgruppe vum Text beträff, zum Beispill d'Gestionnaire vum den alternativen Investitionsfongen, d'Promoteuren an d'Steierberoder.

Den Text riicht sech och un Acteuren aus dem opstrieuende Marché vum der virtuelle Wärunge an Aktivaen an och un d'Prestataires de services d'actifs virtuels. D'Obligatiounen vum der Professionelle ginn iwwert d'Mesures de vigilance géigeniwwer de Clienten an iwwert déi sougenannte KYC-Obligatioun verstärkt, also iwwert d'Identifizéierung an d'Identitéitsprüfung vum de Clienten.

Weider gëtt d'Notioun vu Risikolänner ageféiert. Dat si Staate mat manner strenge Blanchimentsreegelen. Duerfir sinn Transaktiounen mat dese Länner mat engem erhöichte Blanchimentsrisiko verbonnen. Déi Länner wärte méi streng vun der Professionelle kontrolléiert ginn.

Déi professionell Obligatiounen gëllen dann och fir d'Succursale vum auslännesche Professionellen a fir d'Déingschtleeschunge vum auslännesche Professionellen ouni Succursale.

De Gesetzesprojet gesäit och eng Stärkung vum den Dispositiounen vir, wat d'Pouvoir fir Opsicht, Enquêtes a Sanktiounen betrëfft. Dëst betrëfft engersäits d'Autorités de contrôle, also

d'CSSF, de Commissariat aux assurances an den Enregistrement.

Anerersäits sinn d'Organismes d'autorégulation viséiert, méi genee d'Chambre des Notaires, d'Chambre des Huissiers, den Ordre des avocats vu Lëtzebuerg an Dikrech, den Ordre des experts-comptables an den Institut des révéseurs d'entreprises. Vu datt d'Autorités de contrôle an d'Organismes d'autorégulation déi selwecht Missiounen an der Lutte géint de Blanchiment a géint d'Finanzéierung vum Terrorismus hunn, ginn d'Pouvoir vum den Autoregulateuren ugepasst an un déi vun den Autorités de contrôle alignéiert. An dësem Zesummenhang ginn och déi verschidde Gesetzer vum deenen Autoregulateuren ugepasst, wat den Exercice vum hire Pouvoir selwer betrëfft.

Wann ee „Lutte géint de Blanchiment“ seet, dann zielt och d'Zesummenaarbecht vum den Autoritéiten. Dat betrëfft déi national Kooperations vum der Cellule de renseignement financier mat de virduro genannten Instanzen. Och déi international Kollaboratioun tëscht den nationalen Autoritéiten an hiren auslänneschen Homologe soll verstärkt ginn.

Här President, a sengem Avis vum 20. Dezember 2019 huet de Staatsrot eng sëllegen Observatiounen an e puer Opposition-formell formuléiert, notamment eng Opposition formelle géint eng Dispositioun iwwert de Champ d'application. Deemno sollten am initiale Projet de loi d'Promoteuren an och d'Immobilienagenten fir hir privat Immobilientransaktiounen vum Gesetz vum 2004 viséiert ginn. Déi héich Kierperschaft huet hei eng Violatioun vum Egalitéitsprinzip festgehalen.

Notéiert gouf och, datt den initiale Projet den Organismes d'autorégulation de Pouvoir ginn hätt, fir Professioneller fir déi nämmlecht Faite méi wéi eng Kéier ze bestrofen, wat no eise Prinzip vum „non bis in idem“ net méiglech ass.

Des Weidere gouf et recurrent Oppositions formelles bei der Analys vum de verschiddene Lois organiques um Niveau vum der Iwwerwachung, der Enquête, de Recoursen a vun de Sanktiounen. Si konnten awer duerch e puer Verbesserungsvorschläi am Avis complémentaire opgehuewe ginn. An den Avisa vum der Chambre de Commerce vum 14. Oktober 2019 a vun der Chambre des Métiers vum 25. September 2019 gëtt der Regierung fir hir Efforten an der Lutte géint de Blanchiment felicitéiert.

Eng interessant Observatioun gouf et notament vum der Chambre de Commerce iwwert d'Acteuren, déi d'Pays à haut risque définéiere sollen, oder och iwwert d'Problematis vum de Promoteuren a vun den Immobilienagenten, déi och vum Staatsrot ënnerstrach gi sinn.

D'Chambre des Salariés huet op d'Schwierigkeiten opmierksam gemaach, dass d'PMEen net genuch Moyenen hätten, fir hire professionellen Obligatiounen nozekommen.

Dir gesitt, et ass e relativ technesche Projet och. Fir weider Detailler iwwert d'Avisa verweisen ech op de schréfftleche Rapport.

Dat gesot, bleibt mer nach just, lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren. An ech ginn natierlech den Accord zum Gesetzesprojet am Numm vum der DP-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt.

An den Här Laurent Mosar ass scho prett als éischte Riedner.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Den Här Guy Arendt, deem ech e ganz, ganz décke Merci soen, war esou komplett, datt mir näischt aneres iwwreg bleift, wéi just nach den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar.

An da kritt d'Wuert den Här Dan Biancalana.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Jo, och ech soen dem Här Guy Arendt Merci fir säin exzellente mëndlechen a schréfftleche Rapport a ginn och den Accord vum der LSAP-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An da ginn ech d'Wuert direkt weider un d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Villmools merci, Här President. Dat selwecht am gréngen. Och mir ginn den Accord vum eiser Fraktioun a soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi Rapport.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché.

An da wier et um Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech wëll och ufänken an dem Här Arendt villmools Merci soen. En huet dee Projet hei, dee komplizéiert ass, op eng Manéier presentéiert, datt een nëmme ka mat den Zilsetzunge vum deem Projet sympathiséieren.

An awer soe mer: Mir stëmme dëse Projet net mat. An ech soen lech, firwat. Net nëmmen, datt een hei iwwert d'Ëmsetzung vum enger Direktiv erausgeet, wat ëmmer diskutabel ass. Mee gutt, et gëtt Grënn, fir dat vläicht hei ze maachen. Mee eise Bedenken ass och hei rechtsstaatlecher Natur. Et gëtt eppes, dat nennt een eng Présomption d'innocence. Dat ass e Kärbegrëff an engem Rechtsstaat.

A wat liese mer hei an dësem Gesetz? An ech bezéie mech zum Beispill op den Artikel 15 g). Dat sinn déi Organismes d'autorégulation, déi kënne Strofe verhänke géintiwwer deene Persounen, déi ënner hirer Juridiction sinn, nach ier iwwerhaapt déi disziplinaresch Prozedur lancéiert ass. Dat widderstpricht eise Verständnis vum engem Rechtsstaat. Fir d'éischt kënnt de Prozess an da kënnt, wann een da schëlleg ass, eng Strof. Hei gëtt eng Strof ausgeschwat an da kënnt de Prozess. Dat geet an eisen Aen net!

Wat geschitt dann, wa sech herno erausstellt, datt näischt war oder eng Bagatel? Wien indemniséiert déi Leit, deenen hire Ruff ruinéiert ginn ass duerch esou eng Prozedur?

An dat sinn déi Bedenken, wou mir soen: Dat kënne mir als ADR net matdroen! Net, datt mer, wéi gesot, net géifen déi Zilsetzunge guttheeschen, déi den Här Arendt esou brillant beschriwwen huet, mee d'Grondprinzipie vum Rechtsstaat wëlle mir konsequent verdeedegen, och hei! An an deem Sënn stëmme mer dëst Gesetz net mat.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser.

An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir wäerten dëse Projet de loi och matstëmme. Trotz gewëssene Schwächte scho bei der Direktiv selwer mussen mer awer och feststellen, datt d'Regierung och positiv Initiative geholl huet an och d'Recommandatiounen vum GAFI iwwerholl huet. Also an deem Sënn wärte mer deen heite Projet de loi ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

An da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech mengen, datt dee Projet hei dann op eng breet Zoustëmmung trëfft, nämlech och op déi vun eis. Ech wëll mer awer eng kleng Pick net verknäifen, well se e bësse rekurrent ginn ass an haaptsächlech bei Finanzprojeten ëmmer erëm rekurrent ginn ass: Dat ass d'Liesbarkeet vun den Texten. Dat ass grad bei komplexen Theemen natierlech schwéier. Mee mir sollten eis heibannen ëmmer bewosst sinn, datt mer Gesetzer net nëmme schreibe fir Affekoten.

Mir schreibe Gesetzer fir d'ganz Land, an deementspriedend sollte mer eis d'Méi ginn, datt déi Gesetzer dann och fir d'ganz Land verständlech bleiwen. Ech mengen, dat ass e rekurrente Problem an deene méi techneschen Domänen. Duerfir kann een hei och en An zoupëtzten duerfir.

Ech mengen, dat anert, firwat et och wichteg ass, datt mer dat haut nach matgeholl hunn, dat ass schonn ugeschwat ginn: Mir sinn alt emol nees en retard mat enger Transposition. An duerfir wäert ech där Transposition net länger am Wee stoen an ech ginn den Accord vum de Piraten.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech freeë mech iwwert déi ganz breet Zoustëmmung, regretéieren, dass mer net d'Unanimitéit hei kënnen hu bei engem Projet, deen awer eng grouss Visibilitéit huet.

Dem Rapporteur Guy Arendt e grouse Merci. Deen huet dat gutt erkläert. Et ass en technesche Projet op där enger Säit, mee et ass, wann een awer méi genau hikuckt, e Projet vun enger grousser Portée, dee sech an e risegen Trend areit, fir de Blanchiment ze verhënneren, sou wäit wéi méiglech. Mir changéieren hei d'Gesetz vum 2004. An an deene leschte 15, 16 Joer ass ganz vill an deem Domän geschitt.



De Krees vun deenen, déi hei mat abezu ginn, fir géint de Blanchiment ze kämpfen, gëtt vill méi breet, gëtt vill méi grouss. Dat sinn haaptsächlech dann déi Organismes d'autorégulation, déi dann hei mat eragezu ginn, déi virdu manner Responsabilitéit an deem Feld haten. D'Autorités de contrôle, déi kenne mer, déi sinn och scho méi laang gutt outilléiert gewiescht, fir där Aufgab hei gerecht ze ginn.

Eng lescht Saach, déi vläicht net genuch ënnerstrach ginn ass: Mir hunn et hei mat enger Emsetzung vun enger Direktiv ze dinn a mat Recommandatiounen vum GAFI. A mir hunn hei den Arbitrage gemaach, dass mer jeeweils bei alle Punkten déi strengste Mesure geholl hunn, entweder déi vum GAFI oder déi vun der Direktiv, jee nodeem, wat fir eng déi strengste war. An ech mengen, do hu mer dat Richtegt gemaach, andeem mer an déi Richtung gaange sinn.

Ech soen Iech Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7467. Den Text steet am Document parlementaire 7467¹⁰. Den noutwendege Quorum fir de Vott ass nach ëmmer ginn. Mir maachen e Vote par appel nominal. Duerfir zéien ech elo deen Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer an alphabetescher Reiefolleg virun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7467 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un.

Appel nominal (votes personnels)

Sou, déi elo wëilten e Vote par procuration ofginn, sollen d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Dann ass de Vott nach eng Kéier 56 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet 7467 dann ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par Mme Lydie Polfer), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Guy Arendt) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par M. Dan Biancalana) et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Semiray Ahmedova), M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

10. 7505 - Projet de loi portant approbation de l'Avenant, fait à Luxembourg, le 10 octobre 2019, à la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française en vue d'éviter les doubles impositions et de prévenir l'évasion et la fraude fiscales en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, faits à Paris, le 20 mars 2018

Mir kommen elo dann zum Projet de loi 7505, engem Avenant zur Konvention mat Frank-

räich iwwert d'Duebelbesteuerung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A Rapporteur ass nach eng Kéier den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech versprechen Iech, et ass fir d'lescht fir haut, wou ech eropkommen.

(Hilarité)

Am Gesetzesprojet 7505 geet et, wéi Der et gesot hutt, ëm en Avenant zur Konvention iwwert d'Duebelbesteuerung mat Frankräich vum 20. März 2018. Den Avenant, deen den 10. Oktober 2019 ënnerschrifwe ginn ass, ass am Fong eng technesch Modifikatioun.

Erlaabt mer, an deem Kontext de Kader ze setzen! Bei der Konvention vum 2018 ass et op Initiativ vu Paräis zu enger Ännerung vun der deemools besteeënder Method vun der Duebelbesteuerungseliminatioun komm. Dat betrëfft d'Paie vu franséische Residenten zu Lëtzebuerg, also déi zu Lëtzebuerg schaffen. Si gi mat dëser Konvention vum 2018 net méi iwwert d'Méthode de l'exonération avec réserve de progressivité vun der Duebelbesteuerung liberéiert, mee no der Méthode de l'imputation.

Ech ginn Iech e Beispill iwwert den Impakt vun deenen zwou Methoden. Huele mer d'Beispill vun engem Celibataire ouni Kanner, deen a Frankräich wunnt an zu Lëtzebuerg 25.000 Euro d'Joer verdéngt! Ech huelen dat just als Beispill, fir et e bëssen anschaulich ze maachen. Mat der Méthode de l'imputation, déi an der Konvention vum 2018 virgesinn ass, bezilt de franséische Steuerzueler zu Lëtzebuerg 1.700 Euro Steieren op deem Akommes.

Nom franséische Steiersystem géifen dat awer 2.000 Euro ausmaachen. De Contribuabel kritt bei dëser Method vum franséische Steieramt e Crédit d'impôt fir déi zu Lëtzebuerg bezuelte Steieren accordéiert, soudatt hien nach d'Differenz vun 300 Euro a Frankräich nobezuele muss.

Dat ass eng Méibelaaschtung a kënnt eigentlech enger Duebelbesteuerung gläich fir franséisch Frontalieren am Verglach dozou, wéi et bis virun dëser Konvention gehandhaabt ginn ass.

D'Méthode de l'exemption avec réserve de progressivité, wéi se elo duerch den Avenant ageféiert gëtt, bedeit am nämmlechte Beispill, datt de Lëtzebuerger Salaire a Frankräich vun de Steiere befreit ass, wann zu Lëtzebuerg schonn Akommessteuer bezuelt ginn ass. De Mann oder d'Fra spuert deemno 300 Euro.

Fir ze vermeiden, dass déi Differenz beim Betrag vun der Steuer fir déi franséisch Residenten nozebezuelen ass, proposéiert Frankräich, mat deem Avenant de Wiessel vun der Berechnungsmethod, déi duerch d'Konvention vum 2018 agefouert ginn ass, nees réckgängeg ze maachen an zréck bei d'Méthode de l'exemption ze kommen, wéi se virun der Konvention bestanen huet.

Ech muss awer ënnersträichen, datt de Lëtzebuerger Revenu, och wann en net a Frankräich direkt besteiert gëtt, awer fir de Calcul vum Taux d'imposition effectif bei eisen Nopere mat a Betracht gezu gëtt, wann déi be- traffe Persoun an hirem Pays de résidence nach aner Revenuen deklaréiere muss.

Här President, de Staatsrot huet a sengem Avis vum 11. Februar 2020 keng besonnesch Observatioun formuléiert an eigentlech gréng Luucht ginn. Ech wëlt awer op dëser Plaz op zwee weider Avisen agoen, an zwar d'Avise vun der Chambre des Salariés a vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Se konnten net am schrëftleche Rapport berücksichtegt ginn, well se eréischt nom Vott vum Rapport an der Finanzkommission ukomm sinn.

Erlaabt mer duerfir, op dëser Plaz op hir Observatiounen anzegoen! D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics erënnert, dass si an hirem Avis vum 2018 zur Konvention dorüber higewisen hat, dass e Lëtzebuerger Revenu duerch den Differential, deen eventuell mat der Méthode de l'imputation entsteet, kéint a Frankräich besteiert ginn.

Si hält awer och fest, dass den Avenant hirer Meinung no weider zu Duebelbesteuerunge féiere kann. Dat gëllt am Fall, wéi ech et scho vermierkt hunn, wou de franséische Contribuabel Revenuen a Frankräich huet, well da ginn déi Lëtzebuerger Revenue mat a Betracht geholl, fir de franséischen Taux marginal ze berechnen

Anerersäits sinn d'Steierbarëmer tëschent eisen zwee Länner aneschtens opgebaut, soudatt déi éischt Steuertranche zu Lëtzebuerg bei 12.450 Euro ugeet, woubäi se a Frankräich scho bei 10.065 Euro läit.

D'Chamber vun der Fonction publique schreift vun enger Onprezisioun am Text, deen net kloer genuch definéiert, ob e Lëtzebuerger Joresrevenu tëschent 10.065 Euro an 12.450 Euro mam Steiersaz vun 0 % besteiert ass, a soumat vum Crédit d'impôt a Frankräich profitéiere kann, oder ob dëse Revenu steuerfräi ass, wat zu enger Besteuerung a Frankräich féiere kéint.

Et riskéieren, Interpretatiounsproblemer opze- tauchen, déi negativ Auswierkunge fir kleng Revenue kéinten hunn. D'Fonctionnaireskummer hätt sech eng weider Prezisioun ge- wënscht, wat d'Besteuerung vu franséische Resi- dentë betrëfft, déi zwar zu Lëtzebuerg schaf- fen, awer méi wéi 29 Deeg d'Joer vu Frankräich aus schaffen, wat jo elo eng Mesure ass, déi temporaire emol geännert ginn ass.

D'Chambre des Salariés ass enger Meinung mat deene verschiddene Remarque vun der Fonctionnaireskummer. Doriwwer eraus rappe- léiert d'Salariatskummer Revendicatiounen, déi se schonn an hirem Avis zur Konvention for- muléiert hat, wéi beispillsweis d'Harmoniséie- rung an d'Erhéijung vun de Seuls de minimis mat eisen dräi Nopeschlänner.

Des Weidere fuerdert d'Chambre des Salariés Kloerheet bei de Rechemethode fir de Seuil de minimis.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir gesitt, dat ass e ganz technesche Problem, dee keng Inzidenz op d'Steierlaascht vun eise Residenten huet. Hei soll eng Duebelbesteie- rung vun eise franséische Frontalieren evitéiert ginn.

Dat gesot, bleift mer nach just, Iech Merci ze soe fir Är Opmierksamkeet. An am Numm vu menger Fraktioun ginn ech den Accord zu dësem Gesetzesprojet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar ageschriwwen.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, och hei e ganz grouse Merci un de Rapporteur Guy Arendt fir säi schrëftlechen a mëndleche Rap- port. Mir wäerte bien entendu och hei den Ac- cord zu deem Projet ginn.

Erlaabt mer awer hei eng Bemierkung! Mir ha- ten, an de Minister ka sech dat nach erënne- ren, wéi mer d'Haaptkonvention verhandelt hunn, haten den Här Roth an ech selwer dee- mools op deen dote Problem opmierksam ge- maach, datt sech géif warscheinlech e Problem an der Besteuerung vun de franséische Fron- talieren erginn. Deemools hunn haaptsächlech awer Beroder vum Här Finanzminister eis Reser- ven an eis Froen einfach esou vum Dësch ge- feet. An duerno ass d'Konvention esou a Kraaft getrueden. Leider Gottes musse mer dann haut schonn erëm amendéieren!

Alt erëm e Beispill méi, Här Finanzminister: Lauschtert heiansdo méi oft op d'Opposition, an da kritt Der net esou oft eng Datz!

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar.

An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Villmools merci, Här President. Ech verdeelen hei keng Zensuren. Mee ech mengen, wa mer eppes am Moment kéinte maachen, wa mer engem kéin- ten eng bonne Note ginn am Moment, an dat kréie mer all Dag virun Ae gehalen haut, da sinn dat d'Frontalieren! A ganz vill vun de Fron- talieren, wou mer haut mierken, wéi vill mer se eigentlech am Alldag an an eise Liewe brauchen, ganz vill dovunner si Fransousen!

An et ass duerfir nëmme richteg, dass mer hei en Accord fonnt hunn an dat Gesetz hei stëm- men, fir dass mer evitéieren, dass si duebelbe- steiert ginn.

Duerfir villmools merci, Här Arendt, fir Äre gudde Rapport. Villmools merci, Här Minister, fir dëst Gesetz. An natierlech kritt Der d'Zou- stëmmung vun der LSAP.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Cruchten.

An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, wannechgelift!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Och fir déi gréng Fraktioun ass dat hei e ganz wichteg Gesetz. Et ass awer och deen drëtte gudde Rapport vum Kolleeg Guy Arendt, deem mer villmools Merci soen. A mir ginn den Accord natierlech och fir dëst Gesetz.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché.

An ech ginn d'Wuert weider un den hono- rabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, merci, Här Pre- sident. Ech géif dann och dem Här Guy Arendt fir säi Rapport Merci soen. Deem ass näischt bäizefügen. An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Projet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Egelen.

An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo, merci och, och fir dee ganz gudde Rapport vum Här Arendt. Ech mengen, et ass selbstverständlech, datt mer deen heite Projet de loi matdroen.

Natierlech bleift d'Froestellung an d'Klarifikati- oun, déi den Här Minister vläicht och herno ka ginn, fir ze wëssen, wat fir e Barème elo geholl gëtt, dee franséischen oder dee lëtzebuerge- schen. Dat froen d'Chambre des Fonctionnai- res, d'Chambre des Salariés, déi wëllen dat wëssen, well dat jo wierklech en Impakt wäert hunn op d'Besteuerung vun zemools éischer klinge Gehälter. Dat ass immens wichteg.

An, wéi och de Kolleeg Cruchten virdu gesot huet, grad elo mierke mer, elo mierke mer ganz kloer, wat d'Frontaliere fir Lëtzebuerg be- deiten. A wann ee bedenkt, wat an deene leschte Joren, zemools leschte Méint, leschte Joren alles iwwer si gesot gouf aus engem ge- wëssene Spektrum vun Nationalisten - datt se net ëmmer Lëtzebuergesch schwätzen an de Spideeler, datt se net ëmmer Lëtzebuergesch schwätzen an de Butteker an esou weider an esou virun -, an datt och gefuerdert gouf, datt se misste Lëtzebuergesch schwätzen, wa se hei schaffen: Stellt Iech emol vir, mir hätten dat emgesat! Stellt Iech emol vir, a wat fir enger Si- tuatioun mer elo wieren, wa mer deenen Na- tionalisten nogelauschert hätten. Da wäre mer an enger katastrophaler Situatioun. Ech men- gen, mir wäerten dorausser léieren. Mir wäerte méi staark aus där Kris erauskommen a mir wäerten deene Leit net méi nolauschteren. Dëst gesot, stëmme mir dëse Projet de loi mat.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

A last but not least den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach eng Kéier, fir d'Drëtt dann haut, merci un den Här Arendt fir de Rapport. Dee war exzellent, wéi mer et gewinnt waren och vun deenen zwee virdrun.

Mir beschäftegen eis haut nach eng Kéier mat engem Theema, mat deem mer eis u sech schonn eng Kéier an dëser Legislatur beschäf- tegt hunn, an dat ass dësen Accord zwëscht Frankräich a Lëtzebuerg iwwert d'Duebelbe- steuerung.

Mir haten u sech scho mam Projet 7390 ge- duecht, datt den Theema vum Dësch wier. Mee net nëmme d'Opposition, och eng ganz Rëtsch Chambre-professionellen haten deemools schonn ugemierkt, do kéinten dach nach Problemer sinn. A wat hu mer gemierkt? Déi Problemer, déi ugeduecht an ugeschwat goufen, hu sech materialiséiert.

Duerfir leeë mer elo no mam 7505. An och do bleift déi eng Fro op - ech mengen, de Kolleeg Wagner huet et elo grad och nach eng Kéier ugeschwat -, et bleift d'Fro op vun deene ver- schiddene Barëmen, fir do Rechtssécherheet ze schafen. Ech mengen, mir wëllen eis net nach eng Kéier dës Legislatur erëmgesinn, fir en drëten Accord dann ze avaliséieren. Och wann ech mengen, datt et no der Coronakris war- scheinlech néideg gëtt, nach eng Kéier en drë- ten Accord, grad wat d'Froe vum Teletravail ugeet, ze diskutéieren.

Netdestotrotz ass dat hei e Progrès par rapport zum leschte Projet. Dofir wäerte mer deen och matstëmmen. Ech hoffen, datt mer nach eng Äntwert op déi Fro vum Barème kréien. An hof- fentlech, wa mer dann eng drëtte Kéier géifen iwwert dat Theema hei schwätzen, wär et dann, fir beim Teletravail méi Flexibilitéit laang- fristeg sécherzustellen.

Ech soe Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanz- minister Pierre Gramegna.